# Schro Deeg fir Veianen a séng Miliz

*Mat dësem Rappor iwwer d'Veianer Miliz, deen haaptsächlech den Aussoe vum Philipp Gleis ze verdanken as, soll un déi gudd Komrodschaft aus de battere Stonne vum Krich an un de Courage vun dene Milizjongen, déi deemols hiirt jongt Liewen hu misse loossen, erënnert gin. Et soll ower och een Hommage sin un de Chef vun der Veianer Miliz, de Vic Abens, fir deen elo viru kuurzem nach, den 13. Abrëll 1997, e Büst am Veianer Schlass ageweit gin as; eng Éierong, déi hie bestëmmt verdingt huet.*

Wéi de gréissten Deel vun eisem Land den 10. September 1944 vun den Amerikaner liberéiert gouf, du louch Veianen nach fir eng laang Zäit am Noman's Land. D'Preisen hate sech zwar aus dem Stiedchen zréckgezunn, mä bei der Bréck wor nach eng Wuecht zréckbliwwen, déi deen Dag duerno um 11.30 Auer d'Bréck gesprengt a sech dun op d'Héicht beim Sanatorium zréckgezunn huet.

Den 12. September huet de Kantonalchef vun der LVL Vic Abens, deen no sénger Flucht zu Veianen verstoppt wor, zesumme mam Gendarmerie-Brigadier Jos Kieffer décidéiert, déi an der Ëmgéigend verstoppt Refractären aus dem „Ruddebësch", dem „Waldbësch" an dem „Laaschter Scheet" zu enger Miliz zesummen ze schléissen. No an no as hir Zuel bis op 30 Mann ugewuess.

Den 18. September owes hun d'Preisen eng Spähtruppoperatioun zu Veianen duerchgefouert. D'Veianer Miliz hat sech am Hôtel Ensch (Schimberg) aquartéiert a sollt nométtes eng Versammlong uewen a Veianen an der Herberg hun. Wéi si do ukoumen, si Leit de Bierg erop gelaf komm, fir hinnen ze soen, datt d'Preise kéimen. D'Milizleit ower haten all hir Waffen am Hôtel Ensch leie loosst.

Wéi duerch Zoufall koum de „Sch-ank" erof en amerikanische Schützepanzer mat Gummis-Pnöen, e sougenannten „ar-

mored utility car M20". De Weyrich Will an de Gleis Philippe hun den Amerikaner gewénkt an hinnen zougeruff: „German soldiers!", woubäi si d'Gaass erof gewisen hun. D'Amerikaner hun direkt hir Bordwaffen-MG gelueden, an d'Milizleit Gleis a Weyrich hu sech hannen op de Panzer geluegt, wou zwee amerikanesch Gewierer louchen, déi si och gelueden hun. Si sin d'Gaass of gefuer bis bei de „Spar". D'Preise woren an deer Zäit bis bei d'Dickshaus komm an hu geschoss. D'Amerikaner hu mat hire Bordwaffen an déi Richtong, wou d'Feier hierkoum, zréckgeschoss. D'Fonke sin iwwer de Pawee geflunn, wéi wann ee mat enger Trennscheiw schafft. Am Laf vun deer Operatioun sin 3 Preise gefall a 4 anerer konnte sech derduerch maachen.

Den 20. September gouf Veianen evakuéiert; nëmmen e puer ieler Leit si mat der Miliz do bliwwen.

D'Milizleit haten am Ufank nëmme verschidde Gewierer a Munitioun aus däitsche Wehrmachtsbestänn, déi d'Refractäre mat bruecht haten, a Gewierer vu gefaangenen Zaldoten, dann ower och Revolveren, déi d'Resistenz hinne geliwwert hat. Nodeems ower Kontakt mat den Amerikaner opgeholl gi wor, hun dës och Waffen a Munitioun erbäigeschaaft. Si hun hinnen och e Feldtëlëfon am ale „Kluuster" ageriicht, woumat si Verbindong mam amerikanesche Virposten zu Fouhren haten. Spéider gouf nach en zweten Tëlëfon beim Milizposten um Schlass opgestallt.

De 15. November hu 5 Milizmänner eng däitsch Patrull vun 11 Mann an de Wise bei Bëttel ënner Beschoss geholl, dobäi sin e puer Preise gefall. Dofir wollten d'Preisen hir Revanche huelen. Schons e puer Deg duerno hu si décidéiert, Veianen mat enger ganzer Kompani Zaldoten ze stiirmen.

Den 19. November 1944 mueres fréi um 6.44 Auer, hun d'Preisen hir Attack op Veianen ugefaang. Vläicht wore si gewuer gin, datt Sonndes um 7 Auer vum Dächen Thill eng Mass gehale gouf fir déi Leit, déi am Stiedche bliwwe woren; och d'Milizleit si mat an d'Mass gaangen, soudatt dee Moment d'Posten nëmmen hallef besat woren. Wann de Preisen hire Plang opgaange wir, hätte si d'Miliz op déi Mannéier an der Kiirch akasséiert.



Vu Biwels ërfort, duerch den Alemoort a vum Bildchen hier si Fallschirmjäger beim Schlass opgedaucht. Anerer koume vu Bëttel erof a stungen op eemol an der Groussgaass an hannerun der Post. Am Bësch hannert dem Rempart hu si Granatwerfer opgestallt an domadden d'Miliz attackéiert.

D'Jonge vun der Veianer Miliz woren op verschiddene Posten an MG-Stellonge verdeelt, déi op der Kaart vu Veianen (S. 236) mat den Zifferen 1-10 agedroe sin:

1) Milizposten „am Schlooss" besat mat: Gleis Philippe (Photoën 3+4+8+9+10+12+13b+14), Haentges Jean (3+4+8+9+14) Heintzen Fritz (8+14), Lux Nic (2+3+14), Schneiders Misch (2+3+4+8+9+12+14), Weyrich Will (2+3+4+8+9+10+14).

2) Milizposte „bei der Lann", mat Schossfeld Rue du Sanatorium an Niewegaassen.

3) MG-Stellong beim „Café du Pont", nodeems datt d'Milizleit sech aus Sécherheetsgrënn — an och, well d'Our Héichwaasser hat — op dës Säit vun der Our zréckgezunn haten.

4) Milizposten „an der Bakes" (Bäckerei Max Bassing): Werthessen Tunn (Photoën 2+3), als avancéierte Posten, Roger Léon, Royer Tunn (3+9), Weis Jean (9), Weis René (3+9+14), Klasen René (8+9+12+14). — Op dësem Posten as de Léon Roger (Photo 11a) den 19. November vis-à-vis vun der Plaz beim Stadhaus (Photo 11b) gefall.

5) Milizposten „am Kluuster" bei der Kiirch. Chef: Abens Vic (Photoën 1+3+8+13a+14); Büro an Telefon: Hansen Léon (14) a Kieffer Jos (3+13a+14); op Posten: Abens Josy, Reis Batty (2+14), Schaefer Jhäng (3+9), Vinandy Arthy (10+12), Weiler Lucien (2+3+14).

6) Milizposte „bei der Hiewann" (haut Epicerie Spar): Bartz Metty (Photoën 2+3+5+9+12), Corring Jean-Roger (3+8), Denel Batty, Hansen Pir (9+14), Schneiders Nic (2+5), Wathgen Roger.

7) MG-Stellong südlech vum Schlass, an der Groussgaass, do wou d'Algaass erauskënnt (beim Poppemusée).

8) MG-Stellong nordöstlech hannert dem Schlass, an Directioun Alemoort geriicht.

9) MG-Stellong östlech vum Schlass mat Zildirectioun op de preisesche Granatwerfer (am Bësch hannert dem Rempart).

10) MG-Stellong „am Homericht" mat Zil Virstad an Nutbréck.

Den éischte Quartéier vun der Miliz wor am Hôtel Schimberg (haut Hof van Holland), wou si ganz häerzlech opgeholl gi wor, wou si ower nët bleiwe konnt, well et do ze vill geféierlech wor an d'Preise si mat liichter Méi hätten iwwerrompele kënnen.

Mueres den 19. November sin och nach Fräiwëlleger aus der Ëmgéigend zu Veianen ukomm, fir d'Miliz ze verstäerken. Dorënner woren: Fisch Vic vun Dikrech (8), Flesch André, Frank André (8), Gerson, Hansen Fränki (1+2) an Hansen Pir (9) vun Ettelbréck, Hoffmann Pir vun Useldéng (8), van Kauvenbergh Théo, Kirsch Leo, Klasen René (8+9+12+14), Kremer Josy (2+3+8), Peters Dëmmy (2), Weydert Nic. (2+10), Henri Oettinger (2+12). Eenzelner sin dee selwechten Owent nees fortgaang, anerer sin 8 oder 14 Deg bliwwen; verschiddener hun et bis zum 16. Dezember ausgehalen. Ufank Dezember hat de Fränki Hansen d'Miliz verlooss, fir sech den Amerikaner unzeschléissen als „unofficial soldier"; tëschent Lendersdorf a Krauthausen huet hien hinnen d'„Roerbrücke" an d'Hand gespillt an as dofir mam „Silver Star" ausgezeechent gin.

De Ravitaillement vun der Miliz wor am Café Finny Schirtz ënnerbruecht. Et woren do um Wierk:

— als Kächen d'Madame Marie Gaertner-Jully (6), deer och hire Mann Pir Gaertner zur Hand gong,

— d'Madame Nelly Weyrich-Wagner (7), ënnerstëtzt vun hirem Mann Will Weyrich (8),

— an d'Madame Martha Kettel-Hermann (7).



D'Fleesch gouw geliwwert vun denen zwéi Metzler Marcel Rausch a Jacques Leonardy. Fir den Transport wor den Nic. Weyrich zoustänneg. D'Miliz hat och Zëmmeren am Hôtel Heintz zu hirer Dispositioun.

An denen 3 Méint, wou d'Veianer Miliz um Dill wor, as den 19. November den allerschrooste gewiescht.

Loosse mer dem Philippe Gleis d'Wuerd gin, deen a séngem Tatsaacheberiicht déi tragesch Evenementer vum 19. November beschreiwt esou wéi hie se erliewt huet:

*„Et as Sonndes. Ganz vill Niewel iwwer dem Ourdall.*

*6.45 Auer. Ech hat mech fäerdeg gemaach an der Wuaning vuam Schlooss (wu de Gardien Folmer war, ir d'Preisen heen an d'Kazett braacht honn), fir de Poste baussen ëm 7 Auer ze iwwerhollen. Ech hat keen Rou a sën ëm 6.45 Auer en Véirelstonn ischter erausgangen. Ower den Heintzen Friedrich, deen do war, konnt mir näist Neies soen. Du gin ech erop bei d'Mauer (MG-Stellung 8), wu mir eent amerikanischt MG stoen haten.*

*Do ukom héieren ech Kommandoen a Geklabbers vu Säitegewierer a Munitiuunskësten. Ech zécken nët laang a schéissen an déi Richtung (Alemoort, Millen), well dat kënnen nëmmen d'Preise sin, déi äis uagräifen. Wéi ech de Gurt verschoss hat, geet bei der Bréck en wäiss Liichtkugel an d'Luucht, a gläich drop en roud. Ech gi vuan dëser Stellung 8 eriwer bei d'Mauer a Stellung 9, wu mir eent preisescht SMG haten. Du as de Misch Schneiders erop vuan der Kiirch kum; hee sollt Munitiuun fir de Will Weyrich séiche kommen. Ech honn heen direkt bei mech bei d'SMG rechts geholl fir de Gurt nozegän. Mir honn an déi Richtung geschoss hannert der Mauer (heit hannert der Gemeen), well vuan do honn d'Preise mat Granatwerfer erop op d'Schlooss a bei d'Kiirch geschoss.*

*Gläich drop schléit en Granat rechts vuan is an d'Mauer, a mir zwéin fléien 2 Meter mi wäit ënnert d'Dahliaën déi do stungen. Ech hat nëmme Stëps am Gesiicht, awer de Misch hat Splitter am linke Knéi erwëscht. De Fridrich Heintzen hot mir*

*Awer d'Henriette an de Jhang hu mech zréckgehalen a soten: 'Da gä mir mat erschoss!'*

*Dat war beim Poste 6, heit 'Spar'. Do haten de Wathgen Roger, de Bartz Metty an de Schneiders Nik de Preisen de Bass gehalen, an de Preise blouw soss näist iwreg as wéi sich zréckzezéien. Mir bluw soss näist wéi erof an d'Kluuster ze goen, wu de Corring Roger schwéier blesséiert luch, heen hat am Kampf beim heitege 'Monument aux Morts' duerch Granatsplitter de linken Aarm futti. De Roger Léo, deen op der Baach gefall war duerch d'Preisen, hate säin Komroden erop braacht.*


*De Fridrich hat, wi d'Preisen aus dem Schlooss waren, de Misch um Bockel erof gedroen.*

*D'Miliz hat en Camionett vum Haentges Jacques. De Léo, deen doud war, de Corring Roger an de Misch sën an di zoue Camionett geluade gän. De Weiler Lucien hate mir als Chauffeur. Ech luch tëschent dem Kühler an dem Schutzblech mat der MP als Sécherong ënnerwee bis op Dikrich an d'Spidol. Do honn ech nach gehollef, de Misch erop droen. A wéi de Misch chloroforméiert guw, hat ech e bësse mat krit a wor och fort. Mir guwen een nom anere vuam Dr. Georges Tandel operéiert.*

*Dee Grupp Preisen, déi laanst d'Schlooss an d'iewescht Veinen gongen, hon bei meiner Tatta Finn Molitor-Gleis en geballt Ladung era geworf. Mein Tatta hat eepes héiren an hot d'Dir opgemaach an erëm séier zou, wi se d'Preise geséin hat. Si luch zerfatzt hannert der Dir. Bei hir war noch ee vuan der Famill, de Charel Molitor; heen hat e Been erof gerass krit.*

*D'Preisen hate vill Verloster u Blesséierten, well si honn bei Kolmesche Kett (d'Haus om Bildchenswee) d'Fënsterluaden als Drobiere geholl.*

*Mir kënnen heit soen, datt en goud Nonn fir is deemools gebied hat. Jiddereen hot säi Best gemaach, an noch heit bewonneren ech de Courage vuan dene Jongen, déi keen Ausbildung*




□ = Milizposten/MG-Stellong ➡➡ = Wehrmacht

*haten. Mir 'Deserteuren' honn de Preisen hir Tricke kannt aus dem Partisanekréich, dat kum is hei zu goud."*

An der Geschicht vun der Veianer Miliz bleiwt den 19. November 1944 ëmmer als en Dag vun heroescher Resistenz an der Erënnerong.

Niewent dem bedauernswäerte Léon Roger, dee säi jongt Liewen huet misse loossen, woren och nach 3 Mann schwéier blesséiert gin: Philippe Gleis (iwwert dem rietsen Aen duerch en Helmduerchschoss blesséiert a Granatsplitter am Réck), Jean Roger Corring (bei der Sakristei vun der Trinitarierkiirch — haut „Monument aux Morts" — duerch Granatsplitter um lénken Aarm verwond), Misch Schneiders (duerch Granatsplitter um Knéi blesséiert). Si sin an d'Spidol vun Dikrech gefouert gin, wou se vum Dr. Tandel behandelt goufen.

Duerch kleng Splitter méi liicht blesséiert woren d'Milizmänner Jean Haentges, Pir Hansen, Arthy Vinandy a Lucien Weiler, déi zu Veianen selwer behandelt goufen.

Wéi de Philippe Gleis blesséiert wor, sin d'Preisen, nodeems datt se d'Puert gesprengt haten, an d'Schlass erakomm. Si hun Handgranaten an de Keller vun der Wunnéng, wou de Misch Schneiders an de Fridrich dra woren, geworf a hu sech dunn erëm zréckgezunn, wéi se kee vun de Milizleit fonnt hun.

Déi aner Veianer Posten hu sech virun daper gewiert a blouwen op hire Posten.

Duerno hun d'Preisen ni méi mat esou enger grousser Virulenz ugegraff. Si haten elo aner Gedanken an der Kopp, well se sech op déi grouss Rundstedt-Offensiv preparéiert hun, déi dann och de 16. Dezember, um 4 Auer mueres, iwwer Veianen eragebrach as. De Milizmänner, déi — wa se de Preisen an d'Hänn gefall wiren — als Partisanen („Heckenschützen") erschoss gi wiren, blouf soss näischt iwreg wéi sech op Dikrech zou duerchzeschloen. Wéi dës Stad och den 20. Dezember vun de Preise besat



gouf, hun d'Leit vun der Veianer Miliz sech iwwer Ettelbréck op Lëtzebuerg zréckgezunn.

Al. Raths


*Quellen:*

— *Mündliche und schriftliche Berichte von Philippe Gleis, Vianden.*

— *Victor Abens: Die geglückte Geheimhaltung der Ardennenoffensive. — in: „Freed a Leed zu Veinen 1939-1945", Veiner Geschichtsfrënn, Dréckerei Fr. Faber, Miersch 1990.*

— *Jean Milmeister: Die Viandener Miliz, eine luxemburgische Maquisardengruppe. — in: Hemecht N° 3/1969.*

— *Luxemburger Wort, 9.11.1984: 200 Mann SS vun 22 Veianer Jongen iwwer d'Our geworf. (E. E.)*



*Den 30. Januar 1945 gët Veiane vun den Amerikaner liberéiert.*



*Photo 9:*
*1. Rei: Thérèse Heintzen, René Weis, Ketty Gillen.*
*2. Rei: Lucien Weiler, Jeanny Wilhelmy, Will Weyrich.*
*3. Rei: Tunn Royer, Suzanne Holweck, Jeanny Leider, Jean Schaefer, Jean Haentges.*
*4. Rei: Jean Weis, Misch Schneiders, Metty Bartz, Philipp Gleis, René Klasen, Pir Hansen.*
*(Photo: „Freed a Leed zu Veinen")*



*Photo 10: Uewen (v.l.n.r.) Arthur Winandy an Nic. Weydert; ënnen: Willy Weyrich a Philipp Gleis (Photo: Hémecht, Nr. 9/69)*





*Photo 11a: Léon Roger (†), den 19. November 1944 géint 7 Auer fir d'Heemecht gestuerwen*




*Photo 11b: Hei vir op der Baach bei der Gemeng as de Léon Roger gefall.*
*(Photo: Ph. Gleis)*



*Photo 12: Philipp Gleis, Metty Bartz, Henri Oettinger, Arthy Winandy, René Klasen, (um Buedem:) Nic Schneiders.*
*(Photo: Ph. Gleis)*



*Photo 13a: Vic Abens a Jos Kieffer*



*Photo 13b: Philipp Gleis*




*Photo 14: 1. Rei: Misch Schneiders, René Klasen, Vic Abens, Leo Hansen, Fritz Heintzen , René Weis, Will Weyrich, Jos Kieffer. 2. Rei: Philipp Gleis, Batty Reis, Lucien Weiler, Pir Hansen, Jean Schaefer Jean Haentges, Nic Lux.*
*(Photos: Ph. Gleis)*